I-2017-O-M-5104-01 (2795)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, de 15. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser
Interpellation liberté d'expression

**MOTIOUN** 3

D'Chamber ass

- iwwerzeegt, datt de Lëtzebuerger Schoulsystem déi Jonk soll zu Perséinlechkeete mat erzéien, déi als fräi Bierger zum Liewen an zur Stäerkung vun eiser Demokratie solle bäidroen;
- der Meenung, datt et dowéinst wënschenswäert ass, fir si, während hirer Schoulzäit, mam Wiese vun der Argumentatioun bekannt ze maachen a si ze léieren, eng Thematik vu verschiddene Säiten ze betruechten an ze argumentéieren;
- iwwerzeegt, datt och kontrovers a lieweg Debatten zur demokratescher Bildung bäidroen, bei deene ganz verschidde politesch Usiichte kënne virgedroen an diskutéiert ginn;
- besuergt doriwwer, datt an de Schoulen net méi genuch Dissertatioune geschriwwe ginn, fir deene Jonken eng Gewunnecht an der Argumentatioun ze vermëttelen;
- och doriwwer besuergt, datt bei deenen Diskussiounsronnen oder Evenementer mat Participatioun vu Politiker, déi an de Schoulen organiséiert ginn, de politesche Pluralismus dacks net respektéiert gëtt.

D'Chamber fuerdert d'Regierung dowéinst op:

- déi demokratesch Bildung an de Schoulen ze verstäerken, besonnesch doduerch, datt nees op deene méi héije Klasse solle méi Dissertatioune geschriwwe ginn;
- den demokratesche Pluralismus an de Schoulen och doduerch ze ënnerstëtzen, datt Vertrieder vun alle gewielte Parteien un den Evenementer vu politescher Natur, wéi z.B. Diskussiounen, Ronndëschgespréicher oder Presentatioune mat Participatioun vu Politiker, déi an de Schoulen organiséiert ginn, kënnen deelhuelen;
- d'Kreatioun vun Debattéierclibb, z.B. nom Virbild vun de briteschen "debating societies" an de Schoulen ze favoriséieren.

F. Kartheiser